



ABRËLL 2013 N° 33



FÈSCHBER
GEMENGEBLAT

Layout: Ren Spautz

Redaktioun: Dany Hermes, Andrea Wagner, Luss Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mataarbechter: Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Paul Provost, Chantal Fohl, Gina Hermes, Marie-Louise Haas, Lis Weber, Fränk Daems, d'Ëmweltkommissioun, Romain Richet, Simone Majerus-Schmit, Danielle Raach

Drock:

Faber-Print-services & solutions, Miersch

Seite 1: Clownen Georges a Pol

Seite 2: Virwuert - Simone Majerus-Schmit

Seite 3: Scheckiwwerreechung

Seite 4: Makadammen & Kaffiskränzchen

Seite 5: Gemengesetzung 27.12.2012

Seite 6: Gebuertsdaysfeieren

Seite 7: Bëschauto

Seite 8: Soirée amicale

Seite 9: Soirée amicale

Seite 10: Liichtmëssdag

Seite 11: Fettendoneschden

Seite 12: Kannerfuesbal

Seite 13: Kannerfuesbal

Seite 14: Kallekräich moer Wissen

Seite 15: Mierscher Lieshaus

Seite 16: Buergebrennen

Seite 17: Hierkeniessen, Opruff

Seite 18: Ohne Pestizide

Seite 19: Ohne Pestizide

Seite 20: Hobby- Säit

Seite 21: Hobby- Säit

Seite 22: De Ren sot „Merci“

Seite 23: RMVA-Kiirch Fëschbech

Seite 24: Heckeplanzen

Seite 25: D'Flora a Fauna respektéieren

Seite 26: Maison de Roebe-5 Joer

Seite 27: Maison de Roebe-5 Joer

Seite 28: Gemengesetzung 06.03.2013

Seite 29: Grouss Botz 2013

Seite 30: Gebuertsdaysfeier

Seite 31: Eis Kierche verzielen

Seite 32: Bistro zu Fëschbech

Redaktiounsschluss Blat 34: 2. August 2013

VIRWUERT

Léif Awunner vun der Gemeng Fëschbech, den 9. Oktober 2011 hutt dir mech an de Gemengerot gewielt a wéi de Claude Trausch am November 2012 als Schäffen demissionéiert huet, hunn ech meng Kandidatur op de fräie Poste gestallt. Säit menger Vereedegung den 23. Januar 2013 sinn ech Member vum Schäfferot.

Dat ass fir mech eng ganz grouss Erausforderung!

Do sinn all déi nei Dossieren an déi ech mech muss eraschaffen, déi meeschtens fir mech eng ganz nei Matière duerstellen an an enger Sproch geschriwwen sinn, déi net déi vum Alldag ass! Well och wa mir eng kleng Gemeng sinn, hu mir eng ganz Rei komplex Dossieren ze geréieren: eis Waasserversuergung, de PAG mat all senge Facetten, de Klimapakt, dee mir elo ënnerschriften hunn, d'Fusiounsgespräicher mat de Gemenge Fiels an Noumer, den Naturpark Mëllerdall an dat ass nach laang net alles!!!

Ech muss awer soen, dass dat ganz spannend fir mech ass, no an no verstinn ech ëmmer méi dovun an dat och well meng Kollegen aus dem Schäfferot an d'Leit, déi op der Gemeng schaffen mech vun hirem Wëssen an hiren Erfahrungere profitéiere loosse. Ech mierken och ganz gutt déi grouss Verantwortung, déi ech als Schäfte vis-à-vis vun iech hunn. Geet et dach drëm, dass mir iech all eng méiglechst grouss Liewensqualitéit solle bidden, ouni dass dat awer zu Laaschte vun anere soll goen!

Et ass mir perséinlech och wichteg, dass mir an eiser Gemeng eppes maache fir Leit, deenen et manner gutt geet.

Verschiddener vun iech hu sécher scho gemierkt, dass zu Angelsbierg am ale Paschtoueschhaus Leit wunnen. Eis Gemeng huet d'lescht Joer op en Opruff vun der Regierung reagiert, wéi Wunraum gesicht ginn ass fir Leit, déi aus hirer Heemecht fortgelaf sinn. No allerhand Hin an Hier wunnen de Moment zwou Familljen do, déi an enger Prozedur sinn fir als Flüchtlingen unerkannt ze ginn. Déi eng Famill kënnt aus dem Kosovo an déi aner aus Albanien. De Familljeministère huet d'Haus vun der Gemeng gelount a kënnt och finanziell fir d'Leit op, well si während hirer Prozedur net d'äerfe schaffen. Dräi Kanner ginn hei an d'Schoul an eent an d'Stad. Wéi hir Prozedur ausgeet, ass ongewëss, mä sou laang si hei wunnen, hoffe mir, dass si sech wuel fillen, och wann et sécher fir si net einfach ass!

Am Gemengerot ass och decidéiert ginn, dass mir eng "fairtrade Gemeng" wëlle ginn. Doduerch dass mir fair gehandelt Produkter benotzen, wëlle mir dozou bäidroen, dass d'Produzenten an der 3. Welt en uerdentlechen a garantéierte Präis fir hir Produkter kréien. Mir wäerten iech an nächster Zäit méi genee doriwwer informéieren, wat et alles gött a wou een dat och ze kafe kritt.

Ech freeë mech op eng spannend Zäit am Dénegsch vum iech all!

Simone Majerus-Schmit



D'Kierchechëier aus der Fëschbecher Gemeng ënnerstëtzen d'Maison Philippe Kohnen am Congo mat engem Scheck vun 2000 €

Um éischten Adventssondeg hunn d'Memberen an d'Frënn vun der Choralë vun Angelsbiërg a Fëschbech-Schous sech fir d'Cäciliefeier zesammenfonnt. Bei engem gemittlechen Iessen huet de President vun der Angsber Chorale Lex Kugener alleguerten d'Memberen, Frënn a Mataarbechter vum Porfest begréisst an hinne fir hiren Asaz Merci gesot. Ënnert den Invitée waren och zwee Vertrieder vun der Associatioun „Congo-Lux“, fir déi den Don vun 2000 € aus dem Erléis vum Porfest bestëmmt wor. D'Martine Kohnen-Fohl huet béid Veräiner fir hire generéis Geste Merci gesot a mat enger kuerzer Diapresentatioun d'Associatioun „Congo-Lux“, déi zënter 2007 existéiert, virgestallt. D'Sue ginn am Projet „Maison Philippe Kohnen“ zu Kinshasa agesat, enger Struktur, an där 40 Stroossekaner encadréiert kënnen ginn.

Et sief nach kuerz drunn erënnert, datt dat nächst Porfest den 3. Sonndeg am Juli an zwar den 21. Juli 2013 op der Schëisser Héicht organiséiert gëtt. Den Datum kann ee sech schons am Kalenner vormerken.



Cabaret: D'Makadammen zu Schous

invitéiert vum Senioreveräin Gemeng Fëschbech

Enner dem Motto "Fit, sexy, jonk, propper, fundamental a musikaesch" hunn den 8. Dezember 2012 d'Makadammen hire Cabaret presentéiert an zwar am Veräinshaus zou Schous.

Déi 80 Leit konnten sech während 2 Stonnen iwwer de Programm prächtig amuseren, an natierlech war fir lessen an Drénken beschtens gesuergt.



Kaffiskränzchen op der Héicht

Senioreveräin Gemeng Fëschbech

Eisen traditionelle Kaffiskränzchen hu mir de 6. Januar 2013 op der Héicht ofgehalen. E flotten Nomëtteg hunn eis 40 Memberen zesumme verbruecht an de Comité invitéiert scho fir d'nächst Joer de 5. Januar 2014.



Fëschber Gemeindeblatt

Compte rendu de la réunion du conseil communal du 27 décembre 2012

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 27 novembre 2012 (à l'unanimité).
- 2) Est approuvée la nomination de Madame Marianne Brosius-Kolber comme déléguée auprès du syndicat intercommunal SIEDEC (à l'unanimité).
- 3) Sont approuvés divers actes notariés relatifs à la cession d'emprises et à la vente de petites parcelles longeant la voirie (à l'unanimité).
- 4) Est approuvé le devis relatif aux travaux d'entretien du chemin rural « Brimicht » à Angelsberg au montant de 9.200,00 EUR ttc (à l'unanimité).
- 5) Est approuvé le devis relatif aux travaux de mise en état des chemins ruraux « Seitert » et « Bockelescht » à Fischbach au montant total de 59.800,00 EUR ttc (à l'unanimité).
- 6) Est décidé à l'unanimité de fixer les tarifs à percevoir pour l'enlèvement et la destruction des déchets ménagers (poubelles grises), l'enlèvement des déchets encombrants et la fourniture, l'enlèvement et le compactage des sacs en plastique comme suit à partir du 1^{er} janvier 2013 :

- poubelle à 60 litres :	156,00 euros/an
- poubelle à 80 litres :	184,00 euros/an
- poubelle à 120 litres :	242,00 euros/an
- poubelle à 240 litres :	420,00 euros/an
- dispense à la collecte publique :	84,00 euros/an
- enlèvement sur commande des matières encombrantes	55,00 euros/m ³
- fourniture, enlèvement et compactage des sacs en plastique	3,57 euros/pièce.

- 7) Est approuvée la résolution proposée par le collège échevinal en vue de l'adhésion de la commune de Fischbach à la campagne « Fairtrade » (à l'unanimité).
- 8) Est décidé de participer au pacte climat à partir du 1^{er} janvier 2013 en formulant une demande de participation auprès de « myenergy GIE » (à l'unanimité).
- 9) Budget rectifié 2012 => approuvé à l'unanimité.

Rectifié 2012	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.978.171,00	371.098,97
Total des dépenses	3.061.355,00	1.933.852,45
Boni propre à l'exercice	916.816,00	
Mali propre à l'exercice		-1.562.753,48
Boni du compte de 2011	2.243.373,97	
Boni général	3.160.189,97	
Mali général		-1.562.753,48
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.562.753,48	1.562.753,48
Boni présumé fin 2012	1.597.436,49	

- 10) Budget 2013 => approuvé à l'unanimité.

2013	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	4.235.900,00	1.267.742,19
Total des dépenses	3.389.624,57	3.431.810,00
Boni propre à l'exercice	846.275,43	
Mali propre à l'exercice		-2.164.067,81
Boni du compte de 2012	1.597.436,49	
Boni général	2.443.711,92	
Mali général		-2.164.067,81
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	2.164.067,81	2.164.067,81
Boni présumé fin 2013	279.644,11	

- 11) Divers : Les délibérations du 27 décembre 2012 sont signées.



Gebuertsdaysfeieren an eiser Gemeng

Am Dezember 2012 a Februar 2013, hat de Schefferot aus der Gemeng Fëschbech, d'Buergermeeschtesch Marianne Brosius-Kolber mat sengen zwee Scheffen, dem Marco Karier an dem Simone Majerus-Schmit, gläich zweemol Geleeënheet, zwee Awunner ze éieren, déi hire 85ten Gebuertsdag gefeiert hunn.

Et war dëst d'Madame Wies-Neuhengen Adèle vu Kéideng, déi de 5. Februar 1928 zu Esch/Uelzecht op d'Welt kourm. Si war datt eelste vu 7 Kanner.

Viru 60 Joer, de 27. Dezember 1952 ass si de Bond fir d'Liewe mam Nicolas Wies agaang, e Bestietnis, wat leider kannerlos bliwwen ass. Zesummen hu si zu Kéideng e kleng Bauerbetrib bewirtschaft, bis datt si viru 25 Joer dëse Betrib agestallt hunn.

Den 30. Oktober 2001 ass hire Mann gestuerwen. D'Madame Adèle Wies-Neuhengen ass trotz hirem héijen Alter nach ëmmer bei beschter Gesondheet, mécht hire Stot nach eleng a geet mat grousser Freed dräimol an der Woch an d'Fiels an de Foyer du jour vun Hëllef Doheim.



Den Här Karier Jean-Pierre vu Schous ass de 26. Dezember 1927 zu Hengescht op d'Welt komm. Duerch seng Aarbecht kourm hien op Schous. De Jempi, wéi hie genannt gëtt, war 40 Joer am Déngscht vum groussherzoglechen Haff zu Fëschbech, wou hien och viru sengem Bestietnis am Joer 1951 mam Alice Buck vu Schous, gewunnt huet.

Aus deem Bestietnis si 5 Bouwen ervir gaang an d'Koppel ass haut houfreg op hir 14 Enkelkanner an 8 Urenkelkanner.

De Jempy a seng Fra sinn och haut nach bei gudder Gesondheet, schliesslech hält déi grouss Famill si gutt op Trap.



Eisen neie Bëschauto

vum Olivier Molitor

An der leschter Ausgab vum Fëschber Gemeindeblatt hat echlech jo vun der Aweigung vum neie Bëschauto den 22. November erzielt. Hei elo nach e puer Fotoen, wéi dat Gefier vun bannen a baussen ausgesäit.





Soirée



amicalle



Liichtmëssdag



Fëschber Gemeinde



F
E
T
T
E
N
D
O
N
N
E
S
C
H
D
E
N





Kanner





fue sba



13



Fleegemoosnamen vu kallekräiche moere Wissen

vum Olivier Molitor

Am Joer 2011 ass eng kallekräich moer Wiss zu Fëschbech am "Millebiere" an de Programm vum Arrondissement Centre-Est erageholl ginn. Sou Wise sinn immens aarteräich a bidden e Liewensraum fir vill bedreeten Déieren- aarten, wéi der *Bëschfeieromes* (*Zauneidechse*), *wëlle Beien* oder *Heesprénger* (*Heidegrashüpfer*). Si si meeschtens südlech exponéiert, wouduerch si dréchen a waarm sinn, mat der Konsequenz, dass de Buedem nährstoffarm ass. Dës Liewensraum ass duerch de Mënsch geschafe ginn. Déi Fläch hei zu Fëschbech ass 2,5 ha grouss an a 4 Zonen ënnerdeelt. Déi Wiss weist 81 Planzenaarten op, dorënner vill bedreeten Aarten. Dës Aarten triede mol méi, mol manner heefeg op.

Well esou kallekräich moer Wissen duerch de Mënsch geschafe gi sinn, sinn si och duerch de Mënsch gefäht. D'Wise verbuschen an d'Grasnarb verfilzt sech, wann si net méi genotzt ginn an och Fleegemoosnamen ausbleiwen. Eng weider Gefor fir dës Wise sinn déi ugrenzend Méiwisen déi intensiv genotzt ginn an e massiven Nährstoffeintrag stattfënnt duerch eng fehlend Pufferzon.

Firwat ginn dës Fläche gebotzt? An éischter Linn fir den typesche Charakter vun sou enger moerer Wiss zeréck ze kréie mat senger ganzer Artenvielfalt, dorënner de Wakelter (*Juniperus communis*), an sech och rëm Orchideenaarten usiedele kënnen, wéi zum Beispill *Helm-Knabenkraut* (*Orchis militaris*) oder *gefleckten Guckucksblumm* (*Dactylophiza maculata*), an och Kouschell (*Pulsatilla vulgaris*). Et ass e seelene Biotop an et muss enger totaler Verbuschung entgéintgewierkt ginn. Des weidere muss versicht ginn, dass manner Nährstoffer aus der Landwirtschaft an dës Wise landen. Fleegemoosname sinn de jeeweilege Standortverhältnissen ugepasst. Dës Wiss hei zu Fëschbech gëtt eemol am Joer (am Summer) geméint an d'Gras gëtt vun der Fläch ewechgeholl a verbrannt, fir dass dës Nährstoffer net an de Buedem zéien. Je no Bedarf ginn och Hecken a Beem eemol am Joer geschnidden, a Geäscht gëtt och verbrannt, fir Nährstoffer vun der Fläch ze kréien. Des weidere muss versicht ginn, eng kleng Pufferzon tëscht de moere Wissen an den intensiv genotzte Méiwisen ze schafen, andeems een eng Heck planzt oder kleng Sträicher wëll opkomme léisst.



Programm April 2013- August 2013 /

Informationen auch auf unserer Homepage : www.mierscher-lieshaus.lu

* Anmeldung erforderlich : 26 32 21 13



Tag	Datum	Zeit	Wo	Veranstaltung	Info
Mittwoch	17.04.	19 Uhr	Lieshaus	LITERATURZIRKEL „Bücher im Gespräch“	Milena Michiko FLASAR, <i>Ich nannte ihn Krawatte</i> . Teilnahme gratis, um Anmeldung wird gebeten. Animation: Wally Differding. Anmeldung unter 26 32 21 13
Samstag	13.04. .	9h30	Beetebuerger Mäerchepark	KREATIVE Märchen - SCHREIBWERKSTATT	Für Kinder und Erwachsene. Details auf Anfrage: 26 32 21 13 Anmeldung erforderlich *
Dienstag	23.04.	19 Uhr	Centre Culturel 120, rte de Luxembourg L-7374 HELMDANGE	VORTRAG	Prof. Dr. Heinz GÜNNIEWIG (Uni Lux.) referiert über den Wert von Kinder und Jugendbüchern. Freier Eintritt: 120, rte de Luxembourg L-7374 HELMDANGE
Samschdes	27.04.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für KIDS	Anne Beffort erzielt Mäercher an aaner Geschichten. Fir Kanner vu 4 Joer un. Fräi Entrée
Samschdes	11.05.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für KIDS	Anne Beffort erzielt Mäercher an aaner Geschichten. Fir Kanner vu 4 Joer un. Fräi Entrée
Mittwoch	26.06.	19 Uhr	Lieshaus	LITERATURZIRKEL „Bücher im Gespräch“	MAARTEN HART, <i>Unterm Scheffel</i> . Teilnahme gratis, um Anmeldung wird gebeten. Animation: Wally Differding. Anmeldung unter 26 32 21 13
Samschdes	15.06.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für KIDS	Anne Beffort erzielt Mäercher an aaner Geschichten. Fir Kanner vu 4 Joer un. Fräi Entrée
Samschdes	06.07.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für KIDS	Anne Beffort erzielt Mäercher an aaner Geschichten. Fir Kanner vu 4 Joer un. Fräi Entrée
Dienstag	06.08.	10-12 Uhr	Lieshaus	KREATIVE Ferien - SCHREIBWERKSTATT für Kinder	Leitung: Wally Differding. * Für Kinder ab Cycle 3. Teilnahmegebühr: 10€. Anmeldung bis 01.08.13



Buergbrennen 2013



Angelsbierg



Schous



Feschbech



Hierkeniessen

Den 22. Februar hat de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech säin traditionellt Hierken-essen. Déi ronn honnert Memberen a Frënn vun eisem Veräin hu sech de Menu gutt schmaache gelooss.

Niewent den Hierke gouf et och Hameschmiere fir déi Leit, déi net esou frou ware mat den Hierken. Alles an allem e gelongent Fest. Duerfir mierkt lech elo schonn den 21. Februar d'nächst Joer, wann et erëm heescht: Alles op Schous an d'Veräinshaus.



Hobby-Ausstellung

D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Fëschbech organiséiert eng Foto- an Billerausstellung mat Kënschtler an Hobbykënschtler aus eiser Gemeng. Dës Ausstellung ass samsdes, de 14. Dezember 2013, mam Vernissage um 18 Auer, an de 15. Dezember ass d'Ausstellung op vun 10 bis 18 Auer.

Umeldungen iwer Mail : flower@pt.lu

Fier weider Informatiounen Tel: 621- 13 93 28, Marco Karier.



Ligue Luxembourgeoise
du Coin de Terre et du Foyer

Op der Generalversammlung vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech den 9. Mäerz 2013 sinn dëst Joer och erëm d'Gewënner vum Concours "Village fleuri" mat engem flotte Kado belount ginn. Et sinn dat fir Angsbreg, d'Famill Flick, d'Famill Kops an d'Famill Gauditz-Frisch. Fir Schous, d'Famill Simon-Neu, d'Madame Anny Frisch an d'Famill Daems-Ludwig, a fir Fëschbech, d'Famill Konsbruck, d'Madame Marie-Anne Kauffmann an d'Madame Eichenberg an den Här Schiertz.

Och 2013 fiert am Summer erëm eng Jury vun der Ligue duerch eis Gemeng, fir déi schéinste Blummebacken a Virgäertercher ze bewäerten.



Fëschber Gemeindeblatt



Ohne Pestizide

Produkte wie „Roundup“, „Casoron“, „Tue-Herbe“ oder „Schneckenkorn“ sind den meisten Menschen ein Begriff. Für viele sind diese Produkte einfach nur praktisch: kein Unkrautjäten mehr, keine Läuse auf den Rosen, kein Moos im Rasen, keine Schnecken im Salat und keine Mücken im Schlafzimmer. Die Rede ist von Pestiziden, chemischen Stoffen, die vor allem der Bekämpfung von Schädlingen, Parasiten und Unkräutern dienen. Pestizide gehören mittlerweile zum Alltag; doch sind diese Produkte keineswegs so ungefährlich und unbedenklich, wie man glauben könnte.

Pestizide werden überwiegend in der Landwirtschaft und im Gartenbau verwendet und haben eine Ertragsabsicherung zur Folge. Besonders intensiv wird der Kampf gegen Schädlinge und Pilzbefall im Obst- und im Weinbau betrieben. In der Industrie werden Pestizide hingegen als Konservierungs- oder Schutzmittel benutzt. So werden z. B. Holzmöbel, Baustoffe und Teppiche mit schimmelhemmenden Produkten behandelt und in der Textilbranche werden chemische Mittel vorbeugend gegen Mottenbefall oder bereits bei der Baumwolle-Herstellung als Schutz gegen Schädlinge eingesetzt.

In der zweiten Hälfte des letzten Jahrhunderts wurden dann auch vermehrt Pestizide auf öffentlichen Plätzen, wie z. B. Bürgersteigen, Straßenrändern, Parkplätzen, Blumenbeeten, Mauern, Friedhöfen und Spielplätzen eingesetzt, u. a. um die „Sauberkeit“ der Städte und Dörfer zu gewährleisten. Auch in den Haushalten und Privatgärten haben sich die verschiedenen Mittel, allen voran „Tue-herbe“, Schneckenkorn und Insektenspray nach und nach eingebürgert.

So kommen die meisten Menschen fast täglich mit Pestiziden in Kontakt und dies, ohne es zu merken. 2008 wurden in luxemburgischen Gewässern mehrere unterschiedliche Pestizidrückstände gefunden und 2007 wurden europaweit 354 verschiedene Pestizidrückstände im Obst und im Gemüse festgestellt. Auch die Wasseranalysen der Gemeinde Fischbach wiesen in den letzten Jahren Pestizidrückstände im Trinkwasser nach, darunter „Dichlorbenzamid“, ein Abbauprodukt von „Casoron“, einem Unkrautvernichtungsmittel, das vornehmlich im öffentlichen Bereich von den Gemeindediensten benutzt wird.

Wenngleich Pestizide in der Landwirtschaft, in der Industrie und im Gesundheitswesen aus nachvollziehbaren Gründen eingesetzt werden, so kommen sie auf privaten und öffentlichen Flächen oft nur aus praktischen Gründen oder wegen subjektiven Sauberkeitsvorstellungen zum Einsatz. Es ist deshalb lobenswert, dass die Gemeinde Fischbach sich im Rahmen der nationalen Kampagne „...ohne Pestizide“ dazu durchgerungen hat, den Pestizidgebrauch auf dem Territorium der Gemeinde zu reduzieren und eigentlich bis auf die Friedhöfe ganz einzustellen. Dies in erster Linie aus Gründen des Trinkwasserschutzes, aber auch aus Gründen der Biodiversität und zum Schutz der Bürger und der Gemeindearbeiter.

Ein Verzicht auf Unkrautvernichtungsmittel bedeutet jedoch, dass man einen gewissen Grad an „Grün“ auf den öffentlichen Flächen tolerieren muss, denn das manuelle Entfernen der sogenannten „Unkräuter“ ist extrem arbeitsaufwendig. In diesem Sinne ist ein differenziertes Grünflächenmanagement anzustreben, wobei u. a. eine Prioritätenliste erstellt wird, welche Flächen am „saubersten“ sein müssen und welche Bereiche eine gewisse Artenvielfalt entwickeln können. Hierbei spielt auch die Auswahl der Bepflanzungen, der Bodenbedeckung, des Materials für Parkplätze und Bürgersteige, usw. eine Rolle.

Die Umweltkommission der Gemeinde hat sich der Problematik „Pestizidverzicht und Alternativen“ angenommen und ist dabei, mit der Gemeinde verschiedene Techniken der alternativen Grünflächenpflege zu prüfen. Doch auch wenn sogenannte „Wildkrautbesen“ oder „Abflammgeräte“ ohne Chemie arbeiten, so haben auch sie ihrerseits wiederum Nachteile. Im Laufe der nächsten Vegetationsperiode ist geplant, diverse alternative Pflegemethoden zu testen und das differenzierte Grünflächenmanagement voranzutreiben, um u. a. auch den Arbeitsaufwand für den technischen Dienst in Grenzen zu halten.



Die alternative Pflege der öffentlichen Flächen im Siedlungsraum heißt aber auch klar für die Bürger, dass sie bereit sein müssen, ein gewisses Aufkommen von Vegetation in den Pflasterritzen, auf Gehwegen oder am Straßenrand zu billigen. Dies ist demnach ein Aufruf zu mehr Akzeptanz gegenüber Natur und Biodiversität in unserem Lebensumfeld, nicht nur im öffentlichen Bereich sondern auch im Privathaushalt, ganz im Sinne der nationalen Kampagne „...ohne Pestizide“ (www.emwelt.lu/sanspesticides).

Dieser Text vertritt die Meinung der Umweltkommission und verpflichtet keineswegs die Gemeinde.

Fotos: Lis Weber, Yves Krippel, Fotalia.



Der Wildkrautbesen ist eine mögliche alternative Methode der Grünflächenpflege.



Differenziertes Grünflächenmanagement: eine gewisse Toleranz gegenüber Wildwuchs ist vom Bürger gefordert.



Das Fördern von Nützlingen hilft den Pestizidverbrauch im Garten zu verringern.



Der Löwenzahn: für unsere Vorfahren ein willkommenes Wildkraut, heute für die meisten nur noch Unkraut.

Hobby-säit

Chiara Knepper
Angelsbierg



20

Op eiser Hobbysäit wëlle mir iech dës Kéier e sportbegeeschtert jonkt Meedche virstellen, d'Chiara Knepper.

Am Januar 2000 koom hatt an der Stat op d'Welt, an zu Ettelbréck an Angsbreg ass et an d'Primärschoul gaang. Scho mat 2 ½ Joer hunn seng Eltere festgestallt, dass hiert Meedche bei all Musekstéck am Radio oder um Fernseh ugefaang huet ze tanzen. Sou ass et net verwonnerlech, dass d'Chiara mat 3 Joer an der bekannter Schoul vum Elena Chorkina zu Ettelbréck ugefaang huet, regelméisseg ze trainéieren. Am léifsten huet hatt Hip Hop a Ballet.

Zesumme mam Céline Cordobès, Mariana Rodrigues, Melda Denessen a villen aneren, trainéiert d'Chiara 3 Stonne pro Woch. Den Héichpunkt vun dësem Asaz ass awer ouni Zweifel de grouse Gala, deem all Joer vum Elena Chorkina organiséiert gëtt. E Gala, bei deem och d'Eltere vum Chiara ganz aktiv hannert der Bühn dobäi sinn.

Wann een awer elo mengt, an dëser Famill géif et nëmme den Danz ginn, dann ass dat wäit gefeelt. Schwammen am Swimming Club Ettelbréck war fir d'Chiara och laang ugesot, et war dann awer ze vill Training niewent dem Danzen.



An dëser Famill gëtt de Sport och an der Vakanz ganz grouss geschriwwen. Sou steet Schifueren am Wanter op jidder Fall um Plang, an och do huet dat sportlecht Meedche schonn Auszeechnunge kritt. Duerfir stinn am Summer Waassersportaarten um Programm. Eleng mat engem klenge Catamaran ze fueren, ass fir d'Chiara duerfir e Klaks.

Heiheim steet awer d'Danzen ëmmer an éischter Rei. Och wann d'Chiara donieft nach op Steeën reide geet, an am Lycée Ermesinde zu Miersch an der Zirkustrupp mat Liichtegkeet am Trapez hänkt, sou bleift d'Danzen dach dem Chiara seng Leidenschaft.

A wann een elo mengt, säi Beruffswunsch hätt dach sécher eppes mat Sport ze dinn, dann iert een, d'Chiara wëllt Spillschoulsjoffer ginn.



De Ren sot „Merci“.



22

Den 22. Februar hat de Ren seng Kollegen aus dem Gemengerot, der Administratioun an dem Techneschen Déngscht an den DimmiSi op en AntiPasti-Owend agelueden, fir hinne Merci ze soen, datt si et mat him 7 Joer ausgehalen hunn.

Et war e flotten Owend ënner Frënn a Kollegen an de Ren huet, nodeems d'Marianne e puer Wuert un hie gericht hat, gesot, datt dat hei keen Abschied fir ëmmer wier.

Démissiounsschreiwten vum Ren Spautz un den Här Inneminister Jean-Marie Halsdorf:

Monsieur le Ministre,

En octobre 2011 les électeurs de Fischbach ont souverainement décidé de me confier un mandat politique.

J'ai été élu en troisième position et j'avais posé ma candidature pour le poste d'échevin.

La composition réelle et factuelle du conseil échevinal est une autre.

Etant donné que les prises de décisions fonctionnelles appartiennent au conseil échevinal, je dois constater qu'il m'est impossible d'intervenir ou de participer aux décisions importantes de la commune.

Il est vrai que durant les 11 mois écoulés, je me suis engagé à fond afin d'honorer, du moins en partie, les responsabilités et engagements pris par devant mes électeurs. Je dois néanmoins avouer que dans ma fonction de conseiller communal je ne peux guère agir.

En conséquence, devant l'impossibilité réitérée d'exécuter ma fonction en toute sincérité et droiture, je me sens obligé de vous présenter ma démission avec effet immédiat.

Je vous prie également de me décharger de toutes autres fonctions inhérentes à mon mandat communal.

Veuillez croire, Monsieur le Ministre, en l'assurance de ma parfaite considération.

Ren Spautz



Fëschber Gemeinde

Rencontres musicales de la Vallée de l'Alzette



23

Es war in der Tat ein echtes „Treffen“ in der Kirche von Fischbach, diese „Rencontres musicales de la Vallée de l'Alzette“. Es war eine musikwissenschaftliche Demonstration, hervorgebracht mit den Saiten, dem Cembalo und vor allem, der Stimme von Jan van Elsacker.

Es war das barocke Ensemble „Antonianum“, das das Erbe von Bach hinterfragte. Die sieben Musiker wußten das zahlreich erschienene Publikum, auf ihren klassischen Instrumenten, in ihren Bann zu ziehen.

Diese „Rencontres musicales de la Vallée de l'Alzette“ haben ihr Publikum gefunden und unsere Gemeinde kann sich geehrt fühlen, solche hochkarätigen Musiker in ihrer Kirche in Fischbach empfangen zu dürfen.



Heckenplanzaktioun

vum Olivier Molitor

Och dëst Joer hunn mir nees eng Heckenplanzaktioun gestart. Den 28. Abrëll hu mir an de Sauerwisen 1000 eenheemesch Hecken (Wäissdär) geplanzt.

Well mir hei relativ no beim Bësch leien, hunn mir en Drot ronderëm déi Heck gesat, fir dass d'Wëld eis d'Heck net ze vill verbäisst.

Mëttes huet de Conseiller a President vun der Ëmweltkommissioun, de Fränk Daems, eis tatkräfteg ënnerstëtzt. Déi nei Heck hei ass 100 Meter laang an ass an dräi Reie gesat.



Flora a Fauna respektéieren

Lues a lues erwächt eis Natur erëm aus hirem Wanterschlof. Laang genuch war et däischter a kal, op alle Fall fir eist Gemitt !

D'Fréijoer ass net nëmmen eng schéin Zäit fir eis a fir d'Planzen, neen, Abrëll, Mee a Juni sinn och d'Haaptbrut- a Setzzäit fir eis Déierewelt.

Den Nowuess vun eise Buedembréier bei de Vigel, Réi an Hues beim Wëld huet et an dëser Zäit besonnesch schwéier ze iwwerliewen. Si sinn enger Partie Geforen ausgesat, géint déi sech alldeeglech muss gewiert ginn. Eng sëllege « Raiber » maachen hinnen d'Liewe schwéier, wéi z.B. Fuuss, Dachs, Marder, Kaz, Gräifvull, Kréien, Kueben, Fëschreiher, etc., guer net ze schwätze vum Stroosseverkéier !



Jo, dir hutt Recht, dat ass d'Gesetz vun der Natur an dorunner kënne mir näischt änneren !

Mee mir kënnen dozou bäidroen, hinnen d'(Iwwer)Liewen net och nach onnéideg ze erschwéieren.

Mir profitéiere gären all vun der Natur an dat ass och eist gutt Recht ! Mee ganz oft vergiesse mir dobäi dat néidegt Fangerspëtzegefill.

Engem Hond dee fräi leeft, ass keng Reproche ze maachen. Kritt hien allerdéngs e Stéck Wëld an d'Nues, da mécht et ganz oft « Klick », vu sengem natierleche Juegdinstinkt gesteiert, leeft hien der Spuer no.

Emol bei engem Réikitz oder engem jonken Huesesprong ukomm, ass hie vläicht ausser Siichtwäit an domat och ausser Kontroll. Ier säi Meeschter da bei him ass, kann et scho laang ze spët sinn. Neigebuerent Wëld ass zwar wuel déi éischt Zäit ouni Geroch (ouni Witterung) a schützt sech esou viru senge Feinden, mä och no e puer Wochen ass e Kitz oder e jonken Hues bei wäitem nach net séier genuch, fir engem joenden Hond aus de Féiss ze kommen.

Mee net nëmmen den Nowuess ass dee Moment a Gefor. Och eng Réigeess, déi voll ass, also am Begrëff ass ze sätzen, kann duerch eng Hetz vun engem Hond zu Doud kommen, a mat hir och deen ongebuereenen Nowuess ! All Joer sinn Artikelen um Internet oder an den Dageszeitungen iwwer esou Virfäll ze liesen, am noen Ausland, awer och bei eis.

D'Näschter vun eise Buedembréier, déi wéi den Numm et scho seet, just um Buedem ugeluecht sinn, gi meeschtens esou gutt getarnt a verstoppt, dass se just mat enger gudder Nues ze fanne sinn ! Fir een Hond ouni Léngt, eigentlech kee Problem ! D'Konsequenze fir e vollt Nascht wäeren dramatesch.



d'Nascht vum Kiebitz ass ville Geforen ausgesat

Och zur Wanterzäit hei e puer Umierkungen. D'Wëld fiert am Wanter säin Stoffwiessel erof, fir Energie ze spueren an ziert vu senge Fettreserven aus dem Hierscht. Besonnesch de Januar an de Februar si fir d'Wëld extrem haart ! Duerch ganz wéineg Bewegung reduzéiert d'Wëld säin Energieofbau op e Minimum ! D'Offer u Fudder ass an deene Méint mince a per Gesetz ass et verbueden, och net bei 30 cm Schnéi an/oder wochelaangen zweestellige Minusgraden d'Réi oder d'Hirsch ze fiddere ! Gëtt d'Wëld bei dëse Konditiounen op engem schéine wanterlechen Dag vun engem fräilaafenden Hond gehetzt, verbraucht et enorm Reserven. Ausserdeem provozéiert gefruerene Schnéi Schnëttwonnen un de Leef. No dëser Hetz ass dat Réi erëm sech selwer iwwerlooss. An der nächster Nuecht ginn d'Temperaturen an den zweestellige Minusberäich an d'Offer u Fudder ass nach ëmmer ganz kleng !

Den Hond, dee mëttes nach gejot huet, läit allerdéngs friddlech, zefridden a gudd waarm beim Uewen !

Also denkt w.e.g. drun, ier Dir déi nächste Kéier dem Mupp wëllt d'Léngt ausdoen ! Vrun allem an der Brut- a Setzzäit, Abrëll, Mee a Juni, mä och a wanterlecher Noutzäit ass et ubruecht, den Hond op predestinéierte Plaze wéi am Bësch, laanscht Wisen, Felder an Hecken un der Léngt ze halen, eiser Natur- an Déierewelt zu Léift !

Merci soen d'Natur- an Déierefrënn, Fränk Daems a Ren Spautz



MENSCHLECH A KOMPETENT

Die Tagesstätte Elise de Roebe in Larochette feiert ihren 5. Geburtstag

Eine kurze Historie

Am Nikolaustag 2007 war es soweit: die Tagesstätte Elise de Roebe empfing ihre ersten 4 Klienten. Die offizielle Einweihung sollte am 11. April 2008 folgen. Unter den nunmehr 12 Tagesstätten der Stéftung Hëllef Doheem, die durch das ganze Land verteilt sind, gilt „Elise de Roebe“ als eine der Originellsten. Alleine die Gebäulichkeiten sind einzigartig. Der frühere Pferdestall des „Manoir d'Elise de Roebe“ wurde komplett renoviert und als geeignete Tageseinrichtung für ältere Menschen eingerichtet. Um den Bedürfnissen der Klienten noch mehr gerecht zu werden, hat die Tagesstätte im Mai 2008 entschieden, auch samstags zu öffnen.



2009 wurde der Kontakt zu den örtlichen Maison Relais und dem Parverband intensiviert und gemeinsame Aktivitäten geplant.

2010 wurde die „Cuisine thérapeutique“ besonders für demente Klienten eingeführt, dabei steht das Kochen und Backen im Hintergrund, der Akzent wird vor allem auf das Fühlen, Erinnerungen, Gerüche und Geschmäcker von früher gesetzt.

Die Ernährungsberaterin der Stiftung war bei diesem Projekt federführend und führte 2011 die Gesundheitswoche ein. Gewicht und Blutdruck werden in dieser Woche bei jedem Klienten gemessen und dokumentiert, um eventuelle Abweichung früh erkennen zu können.



Im selben Jahr fand die erste Neujahrsmesse statt, der 100 Personen auch von auswärts beiwohnten. Diese wurde seitdem fester Bestandteil des alljährlichen Programmes des Foyers.

Unter weiteren Höhepunkten war das Frühjahrssingen, das im Mai 2012 in Zusammenarbeit mit den Amiperas Sektionen von Larochette und Heffingen im Foyer stattfand.

Für 2013 sind zusätzlich Themenwochen geplant. In den Themenwochen steht immer ein Land im Mittelpunkt. Die Länder werden je nach Nationalitäten der Klienten ausgewählt z.B. Portugal, Italien, Belgien, Frankreich und Luxemburg.

Verschiedene Aktivitäten rund um das Land wie z.B. Folklore, Filme, Lieder, Gesprächsrunden, Essen und Getränke).

www.shd.lu



Föschber Gemeinde

MENSCHLECH A KOMPETENT



Ein weiterer Höhepunkt wird bestimmt auch das Schlüpfen der Küken für Ostern, anstehende Bepflanzungen der Hochbeete im Garten sowie Ausflüge zur Oktave, Schobermesse.

2013 zählt das Foyer 18 regelmäßige Klienten und wird von 11 Mitarbeitern geführt.

Was bietet die Tagesstätte an Möglichkeiten?

Für viele ältere pflegebedürftige Menschen bietet die Tagesstätte Geborgenheit, Beisammensein und eine schöne Abwechslung. In der Tagesstätte finden die Klienten Sinn in Beschäftigungen, die ihren Interessen und Fähigkeiten entsprechen und sie fühlen sich dort gut aufgehoben. Morgens zwischen 8.00 und 10.00 werden sie von zu Hause abgeholt und am frühen Abend vor 18.00 wieder nach Hause gebracht. Während des Tages wartet dann ein breites Angebot an Beschäftigungen, die genauestens auf die Klienten individuell abgestimmt sind. Lesen, singen, Hand- und Küchenarbeiten, einfach auch ruhen sowie therapeutische Anwendungen sind möglich durch das in den Tagesstätten vorhandene Fachpersonal bestehend u.a. aus Ergo- und Physiotherapeuten und Krankenpflegern. Gemeinsame Aktivitäten wie z.B. mit der Maison Relais oder den Kindergärten und Grundschulen fördern den regen Austausch zwischen den Generationen. Die regelmäßigen Messen ermöglichen den Klienten des Foyers zudem, Gottesdienste zu besuchen, die sie durch ihre körperlichen Einschränkungen nicht besuchen hätten können. Ausflüge zur Oktave oder der Schobermesse gelten da ebenfalls als schöne Abwechslung.

Die Tagesstätte zum Kennenlernen

Es ist jederzeit möglich, den Foyer Elise de Roebe in Form eines kostenlosen Schnuppertages zu besuchen. Rufen Sie uns gerne für einen Termin an.

Foyer „Elise de Roebe“
35, chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

Für weitere Informationen:
Tel: 26 87 18-1
www.shd.lu



Stifting
HËLLEF
DOHEEM

Mënschlech a kompetent

www.shd.lu



Fëschber Gemeengeblat

Compte rendu de la réunion du conseil communal du 3 mars 2013

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 27 décembre 2012 (à l'unanimité).
- 2) Est alloué un subside extraordinaire à l'association des parents d'élèves de la commune de Fischbach au montant de 600,00 EUR aux fins de soutien financier des activités organisées pendant l'année 2012 au service des enfants (à l'unanimité).
- 3) Sont approuvées pour 2013 les conventions avec le mouvement pour l'égalité des chances MEC et le Forum pour l'Emploi, Bummelbus (à l'unanimité).

- 4) Sont fixés à l'unanimité les impôts communaux suivants :

1. Impôt foncier A :	propriétés agricoles et forestières :	320 %
B1 :	Constructions industrielles et commerciales :	450 %
B2 :	Constructions à usages mixte :	450 %
B3 :	Constructions à autres usages :	450 %
B4 :	Maisons unifamiliales, maisons de rapport :	165 %
B5 :	Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation	500 %
B6 :	Terrains à bâtir à des fins d'habitations	600 %

2. Impôt commercial => 300%.

- 5) Sont désignés à l'unanimité les membres du groupe d'action locale « Fairtrade », à savoir :
Madame Marianne Brosius-Kolber, bourgmestre, demeurant à Schoos
Madame Simone Schmit-Majerus, échevine, demeurant à Schoos
Madame Lucie Haas-Mensen, demeurant à Schoos
Madame Liz Brosius, demeurant à Schoos
Madame Michèle Konsbrück-Wagner, demeurant à Fischbach
Monsieur Jeff Bissen, demeurant à Angelsberg
- 6) Est approuvé le contrat de bail à fermage conclu entre le collège échevinal et Monsieur Paul Brosius en vue de l'aménagement d'un verger à Schoos (à l'unanimité des membres votants).

La commune mettra le terrain à disposition de l'association locale « Coin de Terre Fischbach » afin d'y aménager et d'y entretenir (suivant les prescriptions communales à fixer dans une convention entre la commune et le CTF) un verger en tenant également compte de la loi sur la protection de la nature.

- 7) Est décidé de fixer la dénomination du chemin vicinal desservant le nouveau lotissement (16 maisons unifamiliales) à Schoos à « Um Bur »
- 8) Approbation d'un projet d'aménagement particulier à Angelsberg, rue de Meysembourg : La décision est reportée à une séance ultérieure vu que diverses pièces à remettre par le lotisseur font défaut.
- 9) Débat sur la tarification de l'eau – introduction du prix unique au Luxembourg :

Le conseil communal en discute et retient les observations suivantes.

Tout d'abord, l'émission d'un avis motivé avec des propositions concrètes n'était pas possible vu le délai trop court depuis la remise du dossier par le Ministère de l'Intérieur.



Il y a toutefois lieu de constater qu'il faudra respecter l'autonomie communale et que l'introduction d'un prix unique au Grand-Duché ouvrirait à moyen terme la porte à une étatisation des tarifs et à long terme à une éventuelle privatisation. Dès lors, l'évolution des tarifs ne serait plus prévisible pour les communes.

10) Divers.

Grouss Botz 2013



29

Wier de Schnéi 24 Stonne méi fréi komm, et wier keng Grouss Botz dëse Weekend ginn. Et huet zwar pénktlech géint 1 Auer mat Schneien ugefaangen, mä et ass Gottseidank bei e puer Flacke bliwwen.

Vill Kanner mat hiren Elteren, Jugendlecher an Erwuessener waren trotz Keelt a strengem Ostwand op d'Héicht komm, fir sech vun de Membere vun der Ëmweltkommissioun mat adequatem Geschir ausrüsten ze loossen, fir esou dem Knascht an der Natur Här a Meeschter ze ginn.

An et kum esou allerhand ervir, et mengt een et kinnt net sinn, well trotz Recycle-Parken an Hauskollekten, ginn et nach ëmmer Matbierger, déi mengen, eis Natur fir eng Dreckskeesch, wou en alles hipuche kann, wat een net méi gebrauche kann.

Mä et ginn awer och där Aner, nämlech déi, déi dee Mëtten sech Zäit geholl haten fir den Dreck vun deenen Aneren se sammeln. Hei nach e puer Donneeë vum Fränk Daems, Präsident vun der Ëmweltkommissioun: Et wore 17 Kanner, 43 Erwuessener an zwee Honn derbäi, 600 kg Knascht ass gesammelt ginn an op 14 Tourneeën ass op 60 km gebotzt ginn, net schlecht fir eng Gemeng mat knapp iwwer 1000 Awunner.

Als Merci ass et owes, Fritten, Ham an Zalot ginn.



Fëschber Gemengeblat



De Vic Sauber vum Schiltzbierg feiert seng 80 Joer

De 26. Mäerz 1933 ass de Vic Sauber um Schiltzbierg op d'Welt komm. Aus dësem Grond huet de Schäfferot aus der Gemeng Fëschbech, d'Buergermeeschtesch d'Marianne Brosius-Kolber mat hirem Schäffen, dem Marco Karier, sech et net huele gelooss, dem Vic Sauber perséinlech mat engem schéine Blumenarrangement ze gratuléieren.

De Vic Sauber ass virun 80 Joer als éischt Kand vu véier (zwou Schwestern an ee Brudder) op d'Welt komm. An d'Schoul ass hien zu Guedber (Gemeng Jonglënster) gaang. Doheem haten si e Bauerewiesen, esou datt de Vic vu jonk u geléiert huet, eng Hand mat unzepaken.

1964 ass hie mam Maisy Beidler bestuet ginn. Aus deem Bestietnis sinn zwee Bouwen ervir gaang, déi him véier Enkelkanner geschenkt hunn.

De Vic ass mat Haut an Hoer Bauer an am Wanter wann et méi roueg um Haff war, huet hien fir de Revéierfierschter an de Bëscher geschafft.

Och nach haut fiert de Vic gären um Trakter, fir nom Véi ze kucken. A senger Fräizäit féiert hie mat Leidenschaft seng Fra op d'Danzpist an eng zweet Leidenschaft vun der Famill Sauber ass d'Reesen.

Mat de Gléckwësch vum Schäfferot an der Hoffnung vun nach ville gléckleche Joer ass dës kleng Feierstonn bei engem gudde Patt mat Schnittercher op en Enn gaang.



Eis Kierche verzielen



„Eis Kierche verzielen“, ënnert dësem Motto gouf a gëtt vun November 2012 bis Juni 2013 e Kierchentour organiséiert, wou eemol am Mount eng bestëmmte Kierch oder Kapell besicht an erkläre gëtt.

Den 13. Januar 2013 gouf an d'Fëschbecher Kierch, engem prächtige Gebai am neogotesche Stil aus dem 19. Joerhonnert, invitéiert. Et wor e grouss Interesse ze erliewen an de President vum Kierchrot, den Här Hubert Lanckohr konnt vill Leit deen Owend begrüessen.



De Kaploun Romain Richer huet versicht, d'Kierchejoer unhand vun de liturgesche Gewänner ze betrachten. Villes konnt een entdecken, e beandrockende Schatz u Massgewänner a villes méi. Fir de musikalesche Kader wor de Titularorganist Camille P. Kohn zoustänneg.

D'Por Fëschbech huet eng besonnesch Bezéiung zum Fëschbecher Schlass an eisem veréierte Groussherzog a Senger Famille. Sou wor et den Dag duerno fir d' Madame Buergermeeschter Marianne Brosius-Kolber a fir Verrieder aus der Por Fëschbech, un der Spëtzt den Abbé Richer, eng grouss Eier, de Groussherzog Jean dierfen ze begrüessen, deen et sech net huele gelooss huet, déi wonnerschön Ausstellung ze besichtegen.





Deen neien Treff fir gemittlech
e Patt ze drénken, e Maufel z'iessen oder
an enger geselleger Ronn ze poteren an
ze diskutéieren

All leschte Freideg
am Mount si mir vun 20 Auer un op
26. Abrëll, 29. Mee, 28. Juni, 26. Juli,
30. August, 27. September, 25. Oktober asw.



Eng Initiativ vun de
Wiichtelcher vu Schous an de
Maarkollefen vu Fëschbech

